

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 10. Juli 2019

Här President,


sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden.

D'Bréck op der B7 iwwert dem Ettelbrécker Kierfecht ass a mengen Aen an engem schlechten Zoustand. Bei eenzele Bëtongspilieren ass de Bëtong deelweis liicht erausgebrach an et si Rëss dran. D'Eise wat hei zur Stäerking agebaut ass, weist Raschtspueren op. Duerch d'Streeë vu Salz am Wanter leeft Salzwaasser ënnert der Bréck op d'Eisenträger, wat och däitlech ze gesinn ass.

An deem Kontext géif ech gär déi folgend Froen un den Här Minister stellen:

1. A wéi engem Gesamtzoustand ass déi genannte Bréck op der B7 an den Ae vum Här Minister?
2. Sinn Aarbechte geplangt, fir déi betreffend Bréck erëm ze flécken?
3. Wat sinn déi genee Ursaache fir déi opgetruede Schied, besonnesch am Hibleck op de Fait, datt dës Bréck net emol 40 Joer al ass?
4. Si beim Bau vun der Bréck eventuell Feeler begaange ginn an ass d'Fro vun enger eventueller zivilrechtlicher Responsabilitéit analyséiert ginn?
5. Ass d'Stabilitéit vun der Bréck nach garantéiert a stellen déi Beschiedegunge keng Gefor fir d'Benotzer duer?
6. Wei ass den allgemengen Zoustand vun den Auto-an Eisebunnsbrécken hei am Land a wéi dacks gëtt den Zoustand vun de Brécke kontrolléiert?

Mat déiwem Respekt



Jeff Engelen
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le **12 SEP. 2019**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
12 SEP. 2019

**Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement**

**Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°883 du 10 juillet 2019 de l'honorable député Monsieur Jeff Engelen, concernant l'état du pont de la B7 à Ettelbruck, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics**

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten, op déi parlamentaresch Fro n° 883 vum 10. Juli 2019 vum honorablen Deputéierte Jeff Engelen

A wéi engem Gesamtzoustand ass déi genannten Bréck op der B7 an den Ae vum Här Minister ?

Déi duerchgefouert Inspektioun vum de spezialiséierten Agente vum der Division des ouvrages d'art vum der Stroossebauverwaltung hunn drop higewisen datt de Gesamtzoustand vum der Bréck opgrond vum den iwverflächleche Schied net befridgend ass an eng Rehabilitatioun opgrond vum der viraussichtlecher Evolutioun vum der Bréck erfuerdert ass.

Sinn Aarbechte geplangt, fir déi betreffend Bréck erëm ze flécken?

Jo, et si Rehabilitatiounsaarbechte geplangt. D'Ausaarbechtung vum entsprechende Projet ass aktuell am Gaang.

Wat sinn déi genee Ursaache fir déi opgetruede Schied, besonnesch am Hibleck op de Fait, datt dës Bréck net emol 40 Joer al ass?

Déi opgetruede Schied sinn op Salzwaasser zeréckzeféieren, wat vum der Fuebunn op d'Struktur vum der Bréck gerénnt ass.

Si beim Bau vum der Bréck eventuell Feeler begaange ginn an ass d'Fro vum enger eventueller zivilrechtlicher Responsabilitéit analyséiert ginn ?

D'Bréck ass am Joer 1982 fir den Trafic opgemaach ginn. Si ass konform zu den zu dem Zäitpunkt gegollte „Règles de l'art“ an Norme gebaut ginn.

Ass d'Stabilitéit vum der Bréck nach garantéiert a stellen déi Beschiedegunge keng Gefor fir d'Benotzer duer?

D'Stabilitéit ass garantéiert a d'Beschiedegunge stelle keng Gefor fir d'Benotzer duer.

Wéi ass den allgemengen Zoustand vum den Auto- an Eisenbunnsbrécken hei am Land a wéi dacks gëtt den Zoustand vum de Brécke kontrolléiert?

Den allgemengen Zoustand vum den Autosbrécken ass hei am Land gutt. An der Regel ginn déi strategesch wichteg Brécken all 3 Joer inspizéiert a kontrolléiert. Weider spezifesch Kontrolle ginn, wann den Zoustand vum enger Bréck et verlaangt, zousätzlech gemaach.

D'Eisebunnsbrécke ginn all 5 Joer vum engem Kontroller fir Ingenieurbauten inspizéiert an all Joer gi Visite gemaach vum lokalen Infrastruktur-Distriktmanager vum der CFL. Bei dëse Visite gëtt visuell den Zoustand vum de Brécken iwverpräift, an am Fall wou, d'Entwécklung vum Schued kontrolléiert déi bei der detaillierter Fënnfoeresinspektioun erkannt ginn ass.

Momentan gëtt just eng Eisebunnsbréck besonnesch iwwerwaacht, mee eng Expertise, ausgefouert vun engem spezialiséierte Bureau d'étude a kontrolléiert vun engem Bureau de contrôle, schléisst all Risiko fir eng Verännerung vum festgestallte Schued aus.